



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7487 vum 19. Januar 2023 vun der honorabler Deputéiert Madamm Martine Hansen an vum honorabelen Deputéierten Här Jean-Paul Schaaf.

- Firwat kann ee just op Rendezvous zu Ettelbréck an d'Maison médicale goen?

De System mat Rendez-vous gouf zu Ettelbréck op Grond vun der limitierter Gréisst vun de Raimlechkeeten bäibehalen.

D'Maison médicale zu Ettelbréck huet e Wartesall vun ongeféier 15m². Fir e sanitäre Sécherheetsofstand tëschent zwee Patienten kënnen ze garantéieren, däerfen am Wartesall net méi ewéi 3 Persounen gläichzäiteg Plaz huelen. Mat engem Rendez-vous gëtt also en flëssegen Duerchgang garantéiert an Waardeschlaange ausserhalb der Maison médicale ginn verhënnert.

- Ass d'Madamm Ministesch bereet, dat ze änneren?

Wa jo, wéini?

Wann nee, firwat net?

Viru knapp iwwert engem Joer gouf decidéiert dass zu Ettelbréck eng nei Maison médicale an nei, gréisser an méi gëeegent Raimlechkeeten implementéiert gëtt. Dës Raimlechkeeten wäerten besser gëeegent sinn fir Patiente och ouni Rendez-vous empfanke ze kënnen. Bis zur Ouverture vun dëser neier Maison médicale sichen d'Servicer vum Gesondheetsministère an der Gesondheetsdirektioun an der Tëschenzäit eng temporaire an gréisser Alternativ déi et erméiglechen géif, d'Patienten och ouni Rendez-vous ze empfanke, wei et am Süden an am Zentrum schonn de Fall ass. Ziel ass et, dës temporaire Raimlechkeeten bis Wanter 2023-2024 ze fannen an anzeiichten.

- Ginn Leit, déi ouni Rendezvous kommen, nees fortgeschéckt?

Wa jo, besteet dann net de Risiko, datt si sech un d'Polylinik vum Centre Hospitalier du Nord wenden an datt doduerch d'Urgence am Spidol iwwerlaascht gëtt?

Eng Persoun déi ouni Rendez-vous kennt, gëtt net Heem geschéckt. Bei besonnesch akuten Fäll gëtt den Dokter um Terrain kontaktéiert. Bei anere Situatiounen gëtt mam Patient sou schnell ewéi méiglech en Rendez-vous ausgemaach.



- Ass virgesinn, datt, wéi Maisons médicales an der Stad an zu Esch, och d'Maison médicale zu Ettelbréck relogéiert gëtt?

Wa jo, wéini?

Wa nee, firwat net?

Wéi schonn ernimmt, läit den Accord fir déi aktuell Maison médicale an neien Raimlechkeeten ze relogéieren, schonn vir. D'Demolitiounsarbechten um viséierten Terrain wou déi nei Maison médicale logéiert soll ginn, sinn ofgeschloss an d'Bauaarbechte fänken elo un. Parallel gëtt wéi gesot awer och gekuckt fir eng temporaire Alternativ, déi fir den Wanter 2023-2024 operationell wier, zur aktueller Maison médicale ze fannen.

Lëtzebuerg, den 20. Februar 2023

D' Gesondheitsministesch

(s.) Paulette Lenert